N°4360
Entrée le 30.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 01.07.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 29. Juni 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil weiderzeleeden.

Eng Politik mat Häerz a Verstand bedeit, dass Strukture fir Demandeurs de protection internationale sech an engem mënschewierdegen Zoustand befanne mussen, déi den néidege Standarde fir eng digne Ënnerbréngung entspriechen. No rezenten ëffentlechen Aussoe sollen Foyeren, déi an engem schlechten Zoustand sinn, kuerzfristeg sanéiert ginn.

An deem Kontext géinge mir dem Här Minister follgend Froe stellen:

- Op Basis vu wéi enge Krittäre gëtt festgeluecht, dass eng Struktur an engem schlechten Zoustand ass, also sanéiert muss ginn?
- Wéi eng Strukture ginn aktuell sanéiert, oder sollen an noer Zukunft sanéiert ginn?
- A wéi engem Zäitraum sollen dës Sanéierungen duerchgefouert ginn?
- Mussen d'Bewunnerinnen an d'Bewunner wärend den Aarbechten an anere Strukturen ënnerbruecht ginn?
- Falls jo, ginn et genuch fräi Plazen, fir dës temporär Relogementer ze garantéieren?
- Wéi gëtt séchergestallt, dass d'Sanéierungsaarbechten net zu enger weiderer Verschäerfung vun der Plazsituatioun an de Strukture fir DPI féieren?
- Gëtt et eng méi laangfristeg Strategie, fir den Zoustand vun den Ënnerbréngungsstrukture systematesch ze verbesseren?

Mat déiwem Respekt

Ben Streff
Deputéierten

Claire Delcourt
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu